N°440
Entrée le 07.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

De LISER huet am Optrag vun der Chambre des salariés analyséiert, wat fir Grënn et dofir ginn, dass d'Leit Hëllefe vum Staat, déi se ze gutt hätten, net ufroen. Hei geet et zum Bespill ëm d'Allocation de vie chère oder nach d'Subvention loyer. An der Etüd vum LISER gëtt erkläert, dass et fir d'Leit oniwwersichtlech ass, wat fir Hëllefen se ze gutt hätten, et fir d'Leit net einfach ass se unzefroe respektiv, dass d'Leit de Stigma fäerten. Um Enn vun der Etüd gëtt da gesot, dass de STATEC géif un engem Rapport schaffen, deen d'Etüd vum LISER soll weider verdéiwen (Säit 108).

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir Ressource gëtt de STATEC sech fir dës Etude quantitative?
2. Wat fir een zäitleche Kader ass sech gesat ginn, fir dës Etude ze maachen an ze publizéieren?
3. Wäerten d'Ministeren dës Etüd an der Chamber virstellen, wann se bis fäerdeg gestallt ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°440
Entrée le 09.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°440 du 7 mars 2024 de Messieurs les Députés Ben Polidori et Sven Clement concernant une étude du LISER au sujet des aides étatiques**

No der Etüd, déi de LISER am Optrag vun der Chambre des Salariés gemaach huet, plangt de STATEC Donnéeën aus der Ëmfro iwwer d'Akommes an d'Liewensbedingunge vun de Stéit *(European Survey on Icome and Living Condtions - EU-SILC)* ze notzen, fir quantitativ den Undeel vu Leit ze schätzen, déi Hëllefe vum Staat ze gutt hätten, dës awer net ufroen.

D'EU-SILC Ëmfro ass op europäeschem Niveau en zentrale Pilier fir déi verschidden national Situatioune par Rapport zu europäeschen Ziler ze situéieren. Zu Lëtzebuerg gëtt dës Ëmfro ënnert der Verantwortung vum STATEC duerchgefouert, deen all Joer eng representativ Prouf vun den Awunner am Land interviewt. Am Joer 2023 hu ronn 10.000 Leit, déi a 4.500 Stéit wunnen, op d'Ëmfro geäntwert. Baséierend op d'Resultater vun der Ëmfro vun 2023, wäert de STATEC weider Analyse maache fir d'Ausmooss vum Phänomen, dass Aiden déi zoustinn net ugefrot ginn, ze schätzen. E Verglach tëschent de Resultater vun der STATEC Etüd an dem LISER senger Etüd wäert och duerchgefouert ginn.

D'EU-SILC Ëmfro ass fir dës Analyse gëeegent, well se all Joer präzis Informatiounen iwwer d'Akommes an d'Liewensbedingungen am Grand-Duché sammelt. De STATEC huet domat Informatiounen iwwer déi verschidden Akommesquelle vun de Leit (Salairen, Pensiounen, Chômage, Invaliderent oder aner sozial Leeschtunge wéi Kannergeld, Studiebourse, Liewensdeierechtzoulag, Loyerssubventioun). Déi gesammelt Donnéeën decken och aner Themen of, déi mat Aarmut a sozialer Ausgrenzung verbonne sinn, wéi zum Beispill déi materiell Privatioun, d'Gesondheet, d'Aarbechts- a Beruffssituatioun, de Logement, etc.

Am Budget vum STATEC si keng zousätzlech Ressourcë fir dës Etüd geplangt a si wäert an déi gewinnten Aarbechte fir de Rapport *„Travail et Cohésion social"* deen all Joer vum STATEC publizéiert gëtt, integréiert ginn.

All Joer am Oktober, am Kader vum Internationalen Dag fir d'Aarmutsbekämpfung, publizéiert de STATEC de Rapport *„Travail et Cohésion social"*, deen d'Resultater vun den Haaptetüden iwwer Aarbecht, Akommes, Ongläichheeten, Aarmut a sozial Ausgrenzung vun der Bevëlkerung zu Lëtzebuerg presentéiert. D'Resultater vun der Etüd iwwert déi quantitativ Schätzung vum Undeel vun de d'Leit, déi d'Hëllefe vum Staat ze gutt hätten, awer net ufroen, wäerten an dësem Rapport presentéiert ginn.

De STATEC wäert d'Resultater net virum Hierscht 2025 fäerdeg hunn a steet der Chamber dee Moment selbstverständlech zur Verfügung fir d'Conclusioune virzestellen.

Luxembourg, le 09/04/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles